

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister, d'Madamm Familljeminister, den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Vill Leit déi aus iergend engem Grond aleng wunnen, a brauchen z.B. Alter oder Behënnerung eng Persoun déi hinne bei den Erausfuerderunge vum deegleche Liewen, wéi zum Beispill kachen oder akafen, zur Hand geet. A ville Fäll gi sou Déngschter vu Membere vun der Famill iwweholl. Ëmmer rëm kënnt et och vir, datt sou Leit ganz kuerzfristeg Hëllef vun hire Familljemembere brauchen. Nieft deene medezineschen Urgence kënnt awer och ëmmer rëm fir, datt Leit kuerzfristeg an eng psychologiesch-emotional Urgence kommen, zum Beispill well e Familljember plëtzelech gestuerwen ass, wou et wichteg ass, datt eng hinnen nostoend Persoun no hinne kucke kënnt. Deemno wéi d'Situatioun sech presentéiert, packen déi Leit et dann awer net méi, fir virun 23:00 doheem ze sinn.

Duerfir wéilt ech der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Wéi gëtt e Verstouss géint d'Ausgangsspär behandelt, wann eng oder méi concernéiert Persounen sech dorop beruffen, engem Familljember oder enger anerer hëllefbedürfteger Persoun assistéiert ze hunn?
- 2) Wéi gëtt e Verstouss géint d'Ausgangsspär behandelt, wann déi concernéiert Persounen sech op de Bäistand am Fall vun enger psychologiesch-emotionaler Urgence beruffen?
- 3) Ginn et zu dëse Froe scho Präzedenzfäll wou e Geriicht eng Decisioun getraff huet?
- 4) Wat si fir d'Regierung legitim Grënn, fir kuerzfristeg géint d'Ausgangsspär ze verstoussen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 4 juin 2021

Réf. : 838x4eee0

Concerne: Question parlementaire n° 4209 du 4 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Justice, de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure et de la soussignée à la question parlementaire n° 4209 du 4 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'"Application du couvre-feu dans le cas d'une urgence familiale".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé





Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, de Madame la Ministre de la Justice et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire n° 4209 du 4 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'"Application du couvre-feu dans le cas d'une urgence familiale".

1) Wéi gëtt e Verstouss géint d'Ausgangsspär behandelt, wann eng oder méi concernéiert Persounen sech dorop beruffen, engem Familljemember oder enger anerer hëllefbedürfteger Persoun assistéiert ze hunn?

2) Wéi gëtt e Verstouss géint d'Ausgangsspär behandelt, wann déi concernéiert Persounen sech op de Bäistand am Fall vun enger psychologesch-emotionaler Urgence beruffen?

Den Artikel 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert d'Afféiere vun enger Serie vu Bekämpfungsmesurë géint d'COVID-19 Pandemie gesäit ënner anerem a sengem Punkt 4° vir, dass während der Ausgangsspär kennen Deplacementer gemaach gi fir dréngend familiär Motiver, wéi och Déplacementer mam Zil eeler oder vulnerabel Leit z'assistéieren oder ze fleeegen – egal ob Familljememberen oder net - oder nach Deplacementer am Kader vun der Garde vun de Kanner.

De Punkt 9° vun deem Artikel gesäit zudeem vir, dass während der Ausgangsspär Deplacementer kënnen gemaach ginn « en cas de force majeure ou situation de nécessité. »

Sollt d'Police beim Untreffen vun enger Persoun no der Ausgangsspär esou e Motiv net plausibel erkläert oder dokumentéiert kréien an déi ugetrafte Persoun bestreit awer, eng Contraventioun begaangen a géint d'Ausgangsspär verstouss ze hunn, gëtt e Procès-verbal vun der Police erstallt, wou d'Leit Geleeënheet kréien hire Standpunkt ze äusseren, an eventuell Ënnerlagen als Justificatif bäizeleeën.

Den territorial zoustännege Parquet apprécieiert op Grond vum Procès-verbal vu Fall zu Fall, op d'Affär weider stroferechtlech verfollegt gëtt, oder aus juristesche Grënn oder Opportunitéitsgrënn klasséiert gëtt.

3) Ginn et zu dëse Froe scho Präzedenzfäll wou e Geriicht eng Decisioun getraff huet?

Et gi Präzedenzfäll, bei deenen e Geriicht eng Decisioun getraff huet, mee dës si relativ seelen, vu dass d'Leit an der Praxis méi de Verstouss géint d'Limitatioun vun de Rassemblementer kontestéieren, wéi de Verstouss géint d'Ausgangsspär.

4) Wat si fir d'Reqierung legitim Grënn, fir kuerzfristeg géint d'Ausgangsspär ze verstoussen?

Wéi virdrun erwänt, gesäit den Artikel 3 vum ofgeännerte Gesetz vum 17. Juli 2020 iwwert d'Afféiere vun enger Serie vu Bekämpfungsmesurë géint d'COVID-19 Pandemie eng Serie vun Ausname vir, bei deenen et erlaabt ass, sech während der Ausgangsspär ze deplacéieren.

Déi eenzel a konkret Situatiounen, déi ënner dës Ausname fale kënnen ënnerleien der Appreciatioun vun de Faiten, esou wéi se vun der Police constatéiert ginn a wéi se vun den Autorités judiciaires ageschat ginn. De Parquet apprécieiert op Basis vun deene Constatatiounen vun der Police op e Fait stroferechtlech verfollegt oder klasséiert gëtt. Falls d'Affär verfollegt gëtt, ass et um Riichter d'Faiten ze appreciëieren fir ze kucken op eng Infraktioun vum Verstouss géint d'Ausgangsspär besteet oder net, bzw. ob e legitime Grond, fir géint d'Ausgangsspär ze verstoussen, besteet oder net.

Dës Appreciatioun ënnersteet also dem Pouvoir judiciaire an entgeet der Kompetenz vum Pouvoir exécutif.